Depot : Alexandra Schoos
PL 8490

2

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- de Schwangerschaftsofbroch eng Realitéit duerstellt, mat där Frae sech am Laf vun hirem Liewe kënne konfrontéiert gesinn;
- d'virleiend Zuelen eng Hausse vun de Schwangerschaftsofbréch an -demandë weisen;
- d'Zuele vu Schwangerschaftsofbréch aktuell haaptsächlech vun Associatiounen erhuewe ginn;
- bei dësen Donnéeë keng Differenzéierung tëscht medezinesch indizéierten an net indizéierte Fäll gemaach gëtt;
- et keng offiziell Informatiounen zu de Grënn an den demographeschen Donnéeë ginn;
- et keng offiziell Informatiounen zur Zäitspann tëscht der Berodung an dem effektiven Ofdreiwungsakt ginn;
- et keng offiziell Informatioune gi bezüglech der Ëmentscheedung vun de Fraen an déi eng oder aner Richtung opgrond vun der Zäitspann tëscht der Berodung an dem effektiven Ofdreiwungsakt;

ass sech bewosst, datt

- Transparenz e fundamentaalt Element fir eng responsabel Gesetzgebung duerstellt;

fuerdert d'Regierung op,

- dem „Observatoire national de la santé" den Optrag ze ginn, all relevant a virdru genannten Donnéeën iwwert d'Schwangerschaftsofbréch ze erhiewen, ze analyséieren an zougänglech ze maachen.

Schoos
ALEXANDRA SCHOOS